

1re gepackt -

# ech gi studéieren

## Héichschoulstudien

*zu Lëtzebuerg an am Ausland*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

**Édition 2021/2022**

**Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**
**Service Information études supérieures**
18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél.: 247-88650
etudes@mesr.etat.lu

www.mesr.public.lu
www.mengstudien.lu

*Photos:*
https://stock.adobe.com

*Clôture de rédaction:*
27 août 2021

Toute modification postérieure à cette date est annoncée sur le site www.mengstudien.lu.

Dans la présente publication le masculin est utilisé dans un souci de lisibilité sans volonté de discrimination.

Léif Schüler a Schülerinnen,

***Är Lycéeszäit ass geschwënn eriwwer an da geet en neien Abschnitt vun Ärem Liewen un …***

Vill vun Iech wësse vläicht schonn, wat si wëlle ginn, anerer vläicht nach net. Déi eng Schüler gi gär studéieren an anerer gi gär esou séier wéi méiglech schaffen. Nach anerer soe sech, dass se gär ee Joer Paus maachen an e friemt Land wëlle kenneléieren, do schaffen oder fräiwëlleg Aarbecht maachen.

Et ass eng vun deene wichtegsten Entscheedungen, déi Dir selwer musst fir Iech treffen. Dass dat oft keng einfach Decisioun ass, ass eis bewosst, an dofir wëlle mir, als Service Information sur les études supérieures vum Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Iech mat dëser neier Publikatioun “1re gepackt – ech gi studéieren” bei Ären Iwwerleeunge weiderhëllefen.

Och wann den Internet voller Informatiounen ass, ass et evident, dass oft eng Rei spezifesch Froen opstoe bleiwen. Déi hoffe mir natierlech heimat, esou gutt et geet ze beäntweren. An dëser Broschür gi mir déi verschidde Méiglechkeeten, déi e Schüler no senger 1re huet, duerch, mee wéi den Titel vun der Publikatioun et scho seet, gëtt virun allem d'Optioun “ech gi studéieren” am Detail ënnert d'Lupp geholl.

Hei kritt Dir allgemeng Informatiounen zum Studium : “Wat muss ech alles wëssen, wann ech studéiere wëll goen?”, “Wéi fannen ech mäi Studium?” oder “Wéi schreiwen ech mech an?”. Dir kritt Informatiounen iwwert d'Studium zu Lëtzebuerg an och am Ausland.

Nach e puer Wuert zu der “Geschicht” vun der Publikatioun: dës Broschür ass eng ganz nei a komplett iwwerschaffte Versioun vun der Publikatioun “Que faire après le lycée?”, déi ganz Generatioune vu Schüler a Schülerinne vun den Ofschlossklasse begleet huet. Net nëmmen de Layout an den Opbau hu geännert, mee och d'Sprooch. An deem Sënn génge mir eis natierlech iwwer all Feedback, Commentairen a Suggestioune freeën, well et ass eis wichteg, Iech esou gutt wéi méiglech ze informéieren an op Är Froen anzegoen.

*Mir wënschen Iech vill Spaass mam “1re gepackt – ech gi studéieren” a wann nach Froe sollten opstoen, zéckt net, eis ze kontaktéieren!*

# Index


## Wat muss ech wëssen, wann ech wëll studéiere goen? 5

- Mäin Diplom ... 6
  - Wéi eng Studien däerf ech mat mengem Diplom maachen? Wou kann ech higoen? ... 6
- Universitéit / Fachhéichschoul / Héichschoul ... 7
  - Wou kann een nach studéieren? ... 7
- Verschidden Aart a Weise fir ze studéieren ... 8
- Wat ass de Bologna-Prozess? ... 8
  - Diplomer ... 10
  - ECTS-Kreditter ... 10
- Unerkannt oder net? ... 11
  - Wat geschitt, wann den Diplom net unerkannt ass? ... 11
- Registre des titres ... 12
  - Wéi eng Konditioune muss en Diplom erfëlle fir eng Aschreiwung? ... 12
- Reglementéiert Beruffer ... 13
  - D'Beruffer mat automatescher Unerkennung vum Diplom ... 13
  - D'Beruffer, fir déi eng Unerkennung vum Diplom néideg ass, ier d'Ausübungserlabnis kann ugefrot ginn ... 14

## Ech fanne mäi Studium 17

***Wéi ee Studiefeld interesséiert mech?* ... *19***

- Agronomie – Ëmwelt ... 20
- Architektur – Ingénierie – Urbanismus – Bau ... 22
- Droit ... 24
- Enseignement ... 26
- Finanzen – Bank – Versécherung ... 28
- Gestioun – Ekonomie ... 30
- Humanwëssenschaften ... 32
- Informatik ... 34
- Kommunikatioun – Informatioun – Dokumentatioun ... 36
- Konscht a Kultur ... 38
- Marketing – Verkaf ... 40
- Medezin – Gesondheetsberuffer ... 42
- Naturwëssenschaften ... 44
- Soziale Beräich ... 46
- Sproochen ... 48
- Theater – Musek – Danz – Kino ... 50

*A wéi ee Land wëll ech studéiere goen?* ........ *53*
Ech studéiere gär zu Lëtzebuerg ........ 54
Université du Luxembourg ........ 55
Brevet de Technicien Supérieur (BTS) ........ 56
Privat Héichschoulen ........ 57
Ech gi gär an d'Ausland studéieren ........ 58
Belgique ........ 59
France ........ 60
Deutschland ........ 61
Österreich ........ 62
Suisse ........ 63
The Netherlands ........ 64
Ireland ........ 65
Portugal ........ 66

**Ech schreiwe mech an** ........ **69**
Verschidden Aart a Weise fir sech anzeschreiwen ........ 70
Wat gëtt gefrot bei enger Aschreiwung? ........ 71
Diplom a relevé de notes ........ 71
Iwwersetzung ........ 71
Equivalenz ........ 71
Numerus Clausus ........ 72
Sprachnachweis / Attestation de langues ........ 72
Sproochentest ........ 72
Wat kënnen d'Universitéiten oder Héichschoulen nach froen? ........ 73

**Ech sinn ugeholl** ........ **75**
D'staatlech Studiebäihëllef ufroen ........ 76
Wéini kann ech eng Studiebäihëllef kréien? ........ 76
Wéi eng Boursse ginn et? ........ 76
A wat ass mam Prêt? ........ 77
Wéi laang kann ech d'Studiebäihëllef kréien? ........ 77
Wou ginn ech wunnen? ........ 78
Aner Froen zum Studenteliewen ........ 78

**Ech wëll net studéiere goen – wéi eng Méiglechkeeten hunn ech?** ........ **79**
Ech weess nach net genau, wat ech wëll maachen ........ 80
Ech wëll eng Zäit aussetzen an e Gapyear, e Benevolat oder e Fräiwëllegendéngscht maachen ........ 80
Ech wëll oder muss ee Stage maachen ........ 80
Ech wëll direkt no menger 1re schaffe goen ........ 81

**Hutt Dir nach Froen?** ........ **85**

**Quellen** ........ **86**



# Wat muss ech wëssen, wann ech wëll studéiere goen?

# Mäin Diplom

- **Diplôme de fin d'études secondaires classiques :**
  Op Däitsch heescht deen Diplom *allgemeine Hochschulreife* an op Englesch *Diploma of secondary education*.

- **Diplôme de fin d'études secondaires générales :**
  Op Däitsch heescht deen Diplom *allgemeine Hochschulreife* an op Englesch *Diploma of secondary education*.

- **Diplôme du technicien :**
  Op Däitsch heescht deen Diplom *fachgebundene Hochschulreife* an op Englesch *Technician's diploma*.

  **Opgepasst:**
  Verschidde Länner verlaangen d'*modules préparatoires* fir zum Studium zougelooss ze ginn (z. Bsp. d'Belsch).

## Wéi eng Studien däerf ech mat mengem Diplom maachen? Wou kann ech higoen?

Am Prinzip kënnt Dir Iech op der ganzer Welt melle fir e Studium. Et ass ëmmer d'Schoul, déi selwer entscheed, ob si Iech unhëlt oder net. Verschidde Länner kucken awer och d'Fächer, déi Dir déi lescht 3 Joer hat. Deemno wéi ee 1res-Diplom Dir wäert kréien, musst Dir Iech am Viraus bei der Héichschoul informéieren, ob Dir nach verschidde Konditiounen erfëllen oder nach en Exame schreiwe musst fir an ee Studium ugeholl ze ginn. Wat den Technicien-Diplom ubelaangt, kënnt Dir Iech a ville Schoulen nëmmen an engem Studium aschreiwen, dat op déi selwecht Fächer opbaut wéi déi, déi Dir am Lycée geléiert hat.

**Dofir informéiert Iech fréi genuch!**

# Universitéit / Fachhéichschoul / Héichschoul

Iech ass scho vläicht emol opgefall, dass et verschidde Gebaier an Institutiounen gëtt, wou ee ka studéieren. Do gëtt et d’Universitéit, d’Héichschoul, d’Fachhéichschoul oder och de Lycée, wou ee ka studéieren. Da kënnen d’Institutioune staatlech oder privat oder och kathoulesch / kierchlech sinn.

Natierlech hänkt villes vun de verschiddene Länner of, mee am Allgemenge kann ee soen, dass d’**Universitéite** méi theorieorientéiert Studien ubidden, mat manner praktesche Stagen. Op enger Uni huet ee grouss Klassesäll (Auditorien) mat ville Studenten, déi selbstänneg schaffen a sech selwer organiséiere mussen (z. Bsp. mussen d’Studente sech selwer an d’Coursen an an d’Examen aschreiwen an mussen dann oppassen, dass se déi net verpassen). Wann een op eng Uni studéiere geet, erlaabt dat engem och, herno a Richtung Fuerschung ze goen.

**Héichschoulen oder Fachhéichschoule** si méi praxisorientéiert. D’Klasse sinn oft méi kleng, et ginn och méi Gruppenaarbechte gemaach an et ass ee méi no um Beruffsliewen, wat heescht, dass een, wann ee wëll, direkt nom Bachelor ka schaffe goen. Den Oflaf vum Studium an och d’Examen sinn hei éischter, wéi am Lycée, festgeluecht vun der Schoul.

## Wou kann een nach studéieren?

Museksschoulen, Conservatoiren, Konschtschoulen, pädagogesch Héichschoulen, Sporthéichschoulen, privat Héichschoulen, franséisch Grandes écoles (fir d’Beräicher Commerce/Management, Ingénierie, Architektur, Konscht, ... )

# Verschidden Aart a Weise fir ze studéieren

***Vollzäit, temps plein / Hallefzäit, temps partiel / dual, en alternance / Fernstudium, à distance***

Et gi verschidde Manéieren, wéi ee ka studéieren. Déi meescht vun Iech entscheede sech **Vollzäit** ze studéieren, wéi Dir dat aus dem Lycée gewinnt sidd. Et ginn awer nach aner Méiglechkeeten, wéi ee studéiere kann.

Wann een interesséiert ass u méi engem praktesche Studium, kann ee sech an en **duale Studium** (op FR : *en alternance*) aschreiwen, do huet een dann d'Theorie a d'Praxis gemëscht. Op der enger Säit geet ee studéieren a wärend dem Studium mécht een awer och eng Beruffsausbildung. Dat kënnt z. Bsp. vir bei Beruffer aus der Santé, wéi Infirmier oder Kiné.

En **Hallefzäitstudium** (op DE : *Teilzeitstudium*; op FR : *temps partiel*; op EN: *part time*) maache vill Leit, déi schonn am Beruffsliewe sinn. Do geet een dann hallef an d'Schoul an hallef schaffen.

Déijéineg, déi schaffen a guer net kënnen oder wëllen an d'Ausland goen an niewebäi awer wëlle studéieren, kënnen e **Fernstudium** maachen (op EN : d*istance/online learning*; op FR : *étudier à distance*). Do mécht ee säi Studium quasi komplett online an deemno wéi, muss een da just 2-3 mol d'Joer sur place an d'Schoul goe fir d'Examen ze schreiwen. Vill Studien, virun allem déi praxisorientéiert, ginn awer éischter net online ugebueden.

**Gutt ze wëssen :**
All d'Diplomer ginn d'selwecht ugesi wéi d'Vollzäitstudiumsdiplomer, ob een elo dual, Hallefzäit oder online studéiert. Esou laang se vum concernéierte Land als akademeschen Titel unerkannt sinn, kann ee finanziell Hëllef vum Lëtzebuerger Staat kréien, an den Diplom gëtt och an de Registre des titres de formation ageschriwwen.



# Wat ass de Bologna-Prozess?

De Bologna-Prozess huet offiziell den 19. Juni 1999 ugefaangen. Op deem Dag hunn 29 Länner d'Bologna-Erklärung (*Déclaration de Bologne*) ënnerschriwwen, an 2020 zielt de *Bologna Follow-Up Group* (BFUG) an den *European Higher Education Area* (EHEA) 49 Memberslänner.

D'Haaptiddie vum Bologna-Prozess bestinn doran, den Zesummenhang tëschent den Héichschoulsystemer an Europa ze verbesseren :

- Een eenheetleche System mat dräi Zyklen, wou d'Studieprogrammer a Modullen ogedeelt ginn an ee fir all Module dann eng bestëmmten Unzuel un ECTS-Kreditter kritt. Säit 2018 gëtt de Kuerzstudiegang („cycle court") am Bologna-Prozess als separate Zyklus unerkannt, esou dass een am Fong och vu véier Zykle schwätze kann.
- D'Unerkennung vum Héichschoulofschloss an der Léierzäit vun engem Student soll tëschent de Länner, déi de Bologna-System applizéieren, vereinfacht ginn.
- Eng gewësse Qualitéit vun de Studie soll geséchert ginn, andeems ee sech un d'ESG (*European Standards and Guidelines for Quality Assurance in the European Higher Education Area*) hält. All Student soll eng gutt Héichschoulbildung mat deem Wësse kréien, dat hien nom Ofschloss brauch.

## Diplomer

Laut Bologna-Prozess sollen all Diplomer, déi verdeelt ginn, déi selwecht Struktur hunn, dat heescht, dass si dee selwechten Numm no Niveau droen (Formatioun cycle court, Bachelor, Master, PhD/ Doktorat), si sollen déi selwecht Dauer hunn, déi selwecht Unzuel un ECTS-Kreditter an op Basis vun den allgemeng akzeptéierten europäeschen Qualitéitsstandarden am Héichschoulberäich unerkannt sinn.

**Cycle court**

(BTS zu Lëtzebuerg)
Bac +2-3 Joer

**Bachelor**

(oder Bachelier, Licence)
Bac +3-4 Joer

**Master**

Bac +4-5 Joer

**PhD**

(oder Doctorat, Doktorat/Promotion)
Bac +8 Joer

## ECTS-Kreditter

Dat akademescht Joer ass an zwee Semester agedeelt. All Semester kann een 30 ECTS-Kreditter kréien, wat 60 pro akademescht Joer sinn.

Déi Kreditter kann een zesummerechnen, dat heescht, si si kumulativ, an et soll ee se och am Prinzip vun enger Héichschoul op déi aner iwwerdroe kënnen – d'Ofkierzung „ECTS" steet nämlech fir „**European Credit Transfer System**". Dëst setzt natierlech viraus, dass d'Länner sech och un d'Prinzipien vum Bologna-Prozess halen.

**1 Studiejoer**

= 60 ECTS-Kreditter
= 1400 – 1600 Stonnen Aarbecht

**Formatioun cycle court**

= 120 – 180 ECTS-Kreditter oder 2 – 3 Joer

**Bachelor**

= 180 – 240 ECTS-Kreditter oder 3 – 4 Joer

**Master**

= 60 – 120 ECTS-Kreditter oder 4 – 5 Joer (Bachelor mat dran)

**Doctorat**

= mindestens 8 Joer (Bachelor an Master mat dran)

# Unerkannt oder net?

**Den Diplom muss an deem Land, wou ee studéiere geet, akademesch unerkannt sinn.**

All Land huet, genee wéi Lëtzebuerg, en Héichschoulministère oder aner Autoritéiten, déi d'Studien, wat hir Qualitéit ubelaangt, kontrolléieren a bewäerten. Wann déi Diplomer, déi een um Enn vun de Studie kritt, de Krittären entspriechen, gi se unerkannt vun deene Ministèren oder Autoritéiten. Wann d'Diplomer an deem Land, wou ee studéiert huet, als akademeschen Titel unerkannt sinn, erkennt Lëtzebuerg se och un.

## Wat geschitt, wann den Diplom net unerkannt ass?

- Et huet ee keen Urecht op finanziell Hëllef vum Lëtzebuerger Staat.
- Et kritt ee keng Aschreiwung an de Registre des titres de formation, section de l'enseignement supérieur.
- Dir kënnt net bei de Staat oder op eng Gemeng schaffe goen.

Et ass net ëmmer bei all Land einfach, erauszefannen, ob een Diplom unerkannt ass oder net. Wat Iech awer scho kann hëllefen, sinn déi verschidden offiziell Internetsäite vun de jeeweilege Länner. Wann Dir e klengen Iwwerbléck wëllt kréien iwwer déi verschidden Diplomer, déi unerkannt sinn an den eenzelne Länner, kënnt Dir um Site www.mengstudien.lu bei *Obtenir une aide financière de l'État* ënner *formations éligibles* kucken.

Och wann Dir virdru gelies hutt, dass duerch de Bologna-Prozess d'Diplomer sollen d'selwecht heeschen, esou kënnt et awer vir, dass a verschiddene Länner den Numm wiesselt. Passt dofir gutt drop op, wéi d'Diplomer an den eenzelne Länner heeschen.

Hei e puer Beispiller, wéi d'Diplomer an anere Länner heeschen :

| Bachelor | |
|---|---|
| **Belsch** | Bachelier |
| **Frankräich** | Licence |
| **Italien** | Laurea |
| **Portugal** | Licenciatura |
| **Spuenien** | Grado |

| Master | |
|---|---|
| **Italien** | Laurea specialistica oder Laurea magistrale |
| **Portugal** | Mestrado |
| **Spuenien** | Máster Universitario |
| **Schottland** | * |

* Wann Dir Studien a Schottland um Niveau Master wëllt maachen, musst Dir drop oppassen, dass Äre Programm ee *postgraduate course* ass.

# Registre des titres

Nom Ofschloss vum Studium kann ee seng Diplomer an de Registre des titres de formation, section de l'enseignement supérieur aschreiwe loossen. Dëst ass den normale Wee fir auslännesch Diplomer zu Lëtzebuerg unerkennen ze loossen. D'Aschreiwung an de Registre des titres gëtt och akademesch Unerkennung genannt, well Dir domadder Ären Héichschoultitel, wéi zum Beispill *Bachelor of Arts*, dierft ëffentlech droen, also dësen op der Visittekaart oder um CV dierft mentionéieren. Jee nodeems wéi ee Beruff Dir wëllt ausüben, gëllt et awer opzepassen : d'Aschreiwung an de Registre des titres ass keen *droit d'exercice*. Wann de Beruff, deen Iech interesséiert, ee reglementéierte Beruff ass, braucht Dir eng aner Unerkennung. Heizou kritt Dir op deenen nächste Säite méi Informatiounen.

## Wéi eng Konditioune muss en Diplom erfëlle fir eng Aschreiwung?

- Et muss e finalen Ofschloss vun engem Héichschoulstudium sinn.
- Et muss ee komplette Studienzyklus ofgeschloss gi sinn (eenzel ECTSen oder eng *attestation de réussite* vu beispillsweis dem éischten oder zweete Joer vun engem Bachelor kënnen net ageschriwwe ginn).
- Den Diplom muss vun enger unerkannter Héichschoul ausgestallt gi sinn an et muss een national unerkannten akademeschen Titel delivréiert gi sinn. Wichteg ass, dass dës Unerkennunge valid sinn an deem Land, an deem den Diplom ausgestallt ginn ass.

D'Aschreiwung vun engem Diplom aus dem Ausland ass obligatoresch fir kënne beim Staat oder op enger Gemeng ze schaffen, awer och ëmmer méi Patronen aus dem Privatsecteur froen eng Aschreiwung an de Register, wa si eng Persoun wëllen astellen.

Ausnam: verschidden Diplomer aus der Belsch an aus Holland sinn automatesch zu Lëtzebuerg unerkannt (op Grond vu gemeinsamen Entscheedunge vun de BENELUX-Memberstaaten), ouni dass eng Aschreiwung an de Registre des titres muss ugefrot ginn.

**All weider Informatiounen heizou fannt Dir op der Internetsäit vum Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :**
**http://www.mesr.public.lu/enssup/registre_des_titres/index.html**.

# Reglementéiert Beruffer

Fir déi **reglementéiert Beruffer** (op FR: *professions réglementées*; op DE : *reglementierte Berufe*; op EN : r*egulated professions*), déi zum Groussdeel mat dem Gesondheetsberäich oder dem Beräich vun de liberale Beruffer ze dinn hunn, ass gesetzlech festgehalen, wat ee muss geléiert oder studéiert hu fir se däerfen auszeüben, a wéi eng Aktivitéiten ee maachen däerf, wann ee se ausüübt. Dowéinst ass et obligatoresch, fir eng Unerkennung vu sengen Héichschoulqualifikatiounen an eng Ausübungserlabnis (op FR: *droit d'exercice / droit d'exercer / autorisation d'exercer / droit d'établissement*) unzefroen, ier een den offiziellen Titel däerf droen an de betraffene Beruff ausüben däerf.

Ënnerhalb vun de reglementéierte Beruffer gëtt et des Weidere folgend zwou Kategorien :

## D'Beruffer mat automatescher Unerkennung vum Diplom

Bei deene Beruffer sinn d'Studieprogrammer duerch d'Europäesch Unioun harmoniséiert ginn an d'Diplomer vun de jeeweilege Memberstaaten op Lëschten an den Annexen vun der EU-Direktiv 2005/36/CE gesat ginn. Wann Dir ee Studium an engem EU-Memberstaat ofschléisst mat engem Diplom, deen op deeër Lëscht steet, dann ass dësen zu Lëtzebuerg direkt unerkannt an Dir kënnt ouni weider administrativ Schrëtt d'Ausübungserlabnis direkt ufroen.

Net automatesch unerkannt ginn awer Diplomer, déi entweder ausserhalb vun der EU ausgestallt gi sinn, oder EU-Diplomer, déi net an enger vun den Annexen vun der Direktiv opgelëscht sinn (*Annexes de la* **Directive n° 2005/36/CE** *du Parlement et du Conseil du 7 septembre 2005 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles*).

| Beruffer mat automatescher Diplomunerkennung – op Franséisch |
|---|
| médecin |
| médecin-dentiste |
| médecin-vétérinaire |
| pharmacien |
| infirmier |
| sage-femme |
| architecte |

# D'Beruffer, fir déi eng Unerkennung vum Diplom néideg ass, ier d'Ausübungserlabnis kann ugefrot ginn

Am Fall vun dëse Beruffer muss eng Unerkennung vun de professionelle Qualifikatiounen (op FR : *Reconnaissance des qualifications professionnelles*) beim Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ugefrot ginn, ier d'Ausübungserlabnis vum zoustännege Ministère kann ausgestallt ginn. Et ass dowéinst wichteg, sech am Virfeld ze informéieren, ob den Diplom d'Konditioune fir eng Unerkennung erfëllt, nämlech :

- ✓ dass den auslänneschen Diplom am Studieland Accès an dee selwechte Beruff gëtt, wann dësen och do reglementéiert ass (N.B. : wann een nom Diplom beispillsweis nach muss ee Staatsexame schreiwen fir den Accès an de Beruff ze kréien, da musst Dir dee matschreiwen);
- ✓ dass d'Studium inhaltlech alles ofdeckt, wat zu Lëtzebuerg fir de reglementéierte Beruff gesetzlech virgesinn ass (wann eenzel Punkten nozehuele wieren, muss een nach zu Lëtzebuerg eng Prüfung oder e Stage maachen; wann zevill Elementer feelen, riskéiert een, e Refus ze kréien).

| Beispiller vu Beruffer ouni automatesch Diplomunerkennung – op Franséisch | | |
|---|---|---|
| assistant social | orthophoniste | ingénieur-conseil du secteur de la construction |
| assistant technique médical de chirurgie | orthoptiste | |
| assistant technique médical de radiologie | pédagogue curatif | expert-comptable |
| diététicien | podologue | réviseur d'entreprises (profession de l'audit) |
| ergothérapeute | ostéopathe | |
| infirmier en anesthésie et réanimation | rééducateur en psychomotricité | ingénieur indépendant (discipline autre que la construction) |
| infirmier en pédiatrie | psychothérapeute | |
| infirmier gradué | architecte d'intérieur | urbaniste, aménageur |
| infirmier psychiatrique | architecte paysagiste | géomètre |
| laborantin | conseil en propriété industrielle | |
| masseur-kinésithérapeute | ingénieur-paysagiste | |

**All Informatiounen zu de Gesondheetsberuffer a wéi een do virgeet, fannt Dir op :**
**https://sante.public.lu/fr/index.php**


**All Informatiounen zu de professions libérales fannt Dir op dem Guichet.lu :**
**https://guichet.public.lu/fr/entreprises/creation-developpement/autorisation-etablissement/profession-liberale.html**


**Déi reglementéiert Beruffer fannt Dir och an eise Broschüren, déi Dir Iech um www.mengstudien.lu änner *publications* kënnt eroflueden :**




















# Ech fanne mäi Studium

Elo nodeems Dir en Iwwerbléck krut iwwer d'Studiewelt, geet et an dësem Kapitel ëm d'Fro "Wéi fannen ech mäi Studium?".

Eng Rei vun Iech hu bestëmmt schonn eng Iddi, wat se wëlle studéieren oder wou se wat wëlle studéieren, mee vill vun Iech wëssen et vläicht nach guer net genau oder kënne sech net richteg entscheeden.

Wann Dir nach kee konkrete Projet hutt, ass et wichteg, dass Dir Iech am Virfeld e puer Froe stellt, mat ärer Famill oder Frënn Iech austauscht an virun allem Iech fréi genuch informéiert.

**Stellt Iech selwer Froe wéi :**

***Wat maachen ech gär? Wat interesséiert mech? Wat passt bei mech? Wat si meng Schwächten a Stäerkten ? Wëll ech laang studéiere goen an esouguer weider an d'Recherche goen oder wëll ech ee kuerzt Studium maachen an duerno direkt schaffe goen? A wéi engem Fach war ech ëmmer gutt an der Schoul? A wéi engem Beräich wëll ech duerno schaffen?***

***A wéi enger Sprooch wëll ech studéieren? Wëll ech mech an enger Sprooch verbesseren? Wéi eng Sprooch brauch ech spéiderhin a mengem Beruff?***

***Wëll ech wäit vu Lëtzebuerg fort oder zu Lëtzebuerg bleiwen? Wëll ech an eng Haaptstad oder awer éischter a méi eng kleng Stad ? Muss ech iergendwellech Konditiounen erfëlle fir an deem Land oder op déi Uni studéieren ze goen ? Wéi vill kascht dat alles?***

Sech fir e Studium an e Studieland ze entscheede kascht vill Viraarbecht, an do muss ee sech gutt am Viraus informéieren. Fir dass Dir Iech awer elo scho kënnt eng kleng Iddi maachen, wéi eng Beräicher et gëtt oder wéi et an deene verschiddene Länner ass mam Studéieren, fannt Dir an dësem Kapitel eng Rëtsch Informatiounen, déi Iech vläicht bei Ärer Entscheedung kënnen nëtzlech sinn.

**Gutt ze wëssen :**
Méi Informatiounen zu all Beräich fannt Dir an eise Broschüren *Études et métiers*.

Méi Informatiounen zu all Land fannt Dir op eise Flyeren *Étudier en ..., Studying in ..., Studieren in ...*

All déi Publikatiounen sinn um Site www.mengstudien.lu ze fannen.



# Wéi ee Studiefeld interesséiert mech?

# Agronomie - Ëmwelt

Am Beräich vun der Agronomie dréit sech alles ëm d'Natur an alles wat doraus entsteet. Déi Leit, déi an deem Beräich schaffen, befaasse sech mat der Fuerschung vun den Naturraim (de Buedem, d'Klima, d'Déieren, d'Bëscher, d'Waasser, ...) a wéi se funktionéieren. Si probéieren, d'Landwirtschaft an déi verschidden Ubautechniken ze verbesseren, fir dass duerno jiddereen dee beschten Notzen doraus zitt. Am deem Zesummenhang gëtt d'Thema vun der Ëmwelt a vum Ëmweltschutz och ëmmer méi wichteg. Deementspriechend ginn an dësem Beräich och ëmmer méi Studien ugebueden.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Sech fir d'Ëmwelt interesséieren
- ✓ Natur gären hunn
- ✓ Organiséiere kënnen
- ✓ Responsabilitéite wëllen iwwerhuelen
- ✓ Rechnerescht Denken
- ✓ Technesch Kenntnisser
- ✓ Raimlech Orientéierung



## Beispiller vu Studiegäng :


| | | |
|---|---|---|
| Agrarwissenschaften | Agronomie | Agriculture |
| Forstwirtschaft | Sciences forestières | Forestry |
| Gartenbau | Horticulture | Horticulture |
| Unweltwissenschaften | Sciences de l'environnement | Life Sciences |
| Weinbau und Önologie | Viticulture et oenologie | Viticulture and Oenology |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Bioingenieur | Bioingénieur | Bioengineer |
| Diplomlandwirt | Ingénieur agronomie | Agronomist |
| Forstingenieur | Ingénieur forestier | Forestry Engineer |
| Landschaftsarchitekt | Paysagiste | Landscape Architect |
| Önologe | Oenologue | Oenologist |
| Umweltingenieur | Ingénieur en sciences de l'environnement | Environmental Engineer |

**Fir weider Informatiounen :**



# Architektur - Ingénierie - Urbanismus - Bau

All déi Persounen, déi am Beräich vun der Architektur, vum Bau, der Planung vun de Stied oder am Ingenieursberäich schaffen, befaasse sech virdrun mat enger Iddi, déi se dann entwéckelen, plangen an ausschaffen, fir dass déi Iddi och kann ëmgesat ginn. Si entwéckelen d'Pläng vun Haiser, Gebaier, Parken, Gäert oder och Stroossen. Si schaffen oft zesumme mat Leit aus anere Beruffer, organiséiren hir Ekipp fir dass de Projet fristgerecht an am Kader vum disponibele Budget ka fäerdeggestallt ginn.

**De Gros vun de Beruffer aus dësem Beräich si reglementéiert, d.h. et ass gesetzlech festgehalen, wat ee muss geléiert oder studéiert hu fir se dierfen auszeüben (cf. Kapitel iwwer déi reglementéiert Beruffer).**

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Technescht Zeechnen
- ✓ Rechnerescht Denken
- ✓ Analytescht Denken
- ✓ Villsäiteg sinn
- ✓ Plangen an organiséiere kënnen
- ✓ Sënn a Gespier fir Ästhetik
- ✓ Raimlecht Virstellungsverméigen




## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Architektur | Architecture, Ingénieur civil architecture | Architecture |
| Landschaftsplanung | Architecture du paysage | Landscape Architecture |
| Stadt- und Raumplanung | Urbanisme et aménagement du territoire | Urban Planning and Urban Studies |
| Bauingenieurwesen | Ingénierie, Ingénieur civil, industriel | Civil Engineering |
| Vermessungswesen und Geoinformation | Topographie, Géomatique | Geomatics : Geographic Information Science |
| Ingenieurwissenschaften | Ingénierie | Engineering |
| Technik | Technologie | Technology |
| Maschinenbau | Ingénierie mécanique | Mechanical Engineering |
| Bauingenieurwesen | Génie civil | Civil Engineering |
| Elektrotechnik | Ingénierie électrique | Electrical Engineering |
| Wirtschaftsingenieurwesen | Ingénierie industriel | Industrial Engineering |
| Energieeffizienz | Efficacité énergétique et économique | Sustainable energy |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Architekt | Architecte | Architecte |
| Beratender Ingenieur | Ingénieur - conseil | Consulting Engineer |
| Städte- und Raumplaner | Urbaniste - aménageur | Urban Planner |
| Landschaftsarchitekt | Ingénieur paysagiste | Landscape Planner, Designer |
| Vermesser | Géomètre | Surveyor |
| Luftfahrtingenieur | Ingénieur en aéronautique | Aerospace Engineer |
| Elektroingenieur | Ingénieur électricien | Electrical Engineer |
| Elektroniker | Ingénieur électronicien | Electronics Technician |
| Maschinenbauingenieur | Ingénieur en mécanique | Mechanical Engineer |
| Mechatroniker, Robotiker | Ingénieur en mécatronique, robotique | Mechatronic or Robotic Engineer |

**Fir weider Informatiounen :**







# Droit

De Beräich vum Droit ass ee ganz exakte Beräich. Déi Professionell schaffe mat de Gesetzer a Reglementer an anere juristeschen Texter. Si ginn op ville Plazen agestallt, sief dat am ëffentleche Secteur oder an enger privater Firma. Si beroden d'Leit, setze sech fir hir Clienten an oder hëllefen, wann d'Leit verschidden offiziell Pabeiere brauchen. Am Droit ginn et verschidde Beräicher, wou ee sech spezialiséiere kann, z. Bsp. *droit pénal, droit des personnes, droit du travail oder droit commercial*. Zu Lëtzebuerg ass et wichteg, dass een déi franséisch Sprooch ganz gutt beherrscht, well d'Gesetzer an d'Reglementer op Franséisch geschriwwe sinn.

**Fir zu Lëtzebuerg als Affekot kënnen ze schaffen, muss ee säin Diplom homologuéiere loossen an de CCDL (Cours complémentaires en droit luxembourgeois) maachen.**

**Kompetenzen, déi ee brauch :**
- ✓ Organiséiert schaffen
- ✓ Diskretioun
- ✓ Gutt kommunizéiere kënnen
- ✓ E Gespier fir den Detail
- ✓ Sech prezis ausdrécke kënnen
- ✓ Sech eppes gutt verhale kënnen




## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Rechtswissenschaften | Droit | Law |
| Internationales und europäisches Recht | Droit international et européen | International and European Law |
| Kriminologie | Criminologie | Criminology, Criminal Justice |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Rechtsanwalt | Avocat | Lawyer |
| Kriminologe | Criminologue | Criminologist |
| Vollstreckungsbeamter | Huissier de justice | Executory Officer |
| Jurist | Juriste | Jurist, Legal Expert |
| Richter | Magistrat | Judge |
| Notar | Notaire | Notary |

**Fir weider Informatiounen :**



# Enseignement

Beim Enseignement kënnt Dir Iech sécher virstellen, ëm wat et geet : Schoul halen oder an enger Schoul schaffen. Ob dat elo an der Spillschoul ass mat ganz klenge Kanner, an der Grondschoul oder am Lycée mat Jugendlechen, iwwerall ass dat selwecht gefrot : de Schüler eppes bäibréngen a se op dat spéidert Liewe preparéieren. Déi, déi an der Grondschoul wëllen ënnerriichten, wäerten an hirem Studium vill praktesch Stagen hunn a vu Bildungswëssenschaften iwwer Franséisch oder Geographie vill Fächer gesinn. De Proff am Enseignement secondaire ass spezialiséiert an deem Fach, wat hie spéider wëll ënnerriichten.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Gäre mat Kanner / Jugendlechen schaffen
- ✓ Gäre Wësse weidergin
- ✓ Gedold
- ✓ Organiséiert sinn
- ✓ Kreativ sinn
- ✓ Sech duerchsetze kënnen
- ✓ Upassungsfäeg sinn
- ✓ Pädagogescht Geschéck



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Lehramt für die Primarstufe,<br>Lehramt an Grundschulen | Instituteur préscolaire, primaire<br>Sciences de l'éducation | International Teaching Education for Primary Schools<br>Early Childhood Education |
| Bachelor + Master<br>(in einem spezifischen Fach) * | Bachelier, Licence + Master<br>(dans une discipline précise) * | Bachelor + Master<br>(in a specific field) * |

* Fir als Proff an engem Lycée an engem gängege Fach däerfen ze ënnerriichten, muss op d'mannst ee vun den Diplomer (Bachelor oder Master) an deem Fach sinn, wat een duerno ënnerriichte wëll. All dës Informatiounen fannt Dir am Detail op dem Site vum Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse **www.men.public.lu**.

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Grundschullehrer | Instituteur | Primary School Teacher |
| Sekundarschullehrer | Enseignant, Professeur de l'enseignement secondaire (ou du second degré) | Secondary School Teacher |
| Spezialisierter Lehrer | Instituteur spécialisé | Specialised Teacher |
| Erwachsenenausbilder | Formateur d'adultes | Adult Trainer |

**Fir weider Informatiounen :**



# Finanzen - Bank - Versécherung

Service um Client: dat ass d'Haaptzil vun all de Professionellen aus dem Beräich Bank, Finanzen oder Versécherung. Si beroden, informéieren an hëllefen hire Clientë fir eng Entscheedung ze treffen, ob dat elo e finanziellen Investissement ass oder et ëm e Prêt oder eng Liewensversécherung geet. Si maachen Expertisen, wann eppes geschitt ass, analyséieren déi a behalen dobäi ëmmer déi juristesch Dokumenter am Bléck. An de Studien wäert ee vill Ekonomie gesinn, vill mat Zuelen, mat Management, awer och mat Droit ze dinn hunn.

**D'Beruffer vum Expert-comptable an dem Réviseur d'entreprises si reglementéiert, d.h. et ass gesetzlech festgehalen, wat ee muss geléiert oder studéiert hu fir se dierfen auszeüben (cf. Kapitel iwwer déi reglementéiert Beruffer).**

**Kompetenzen, déi ee brauch :**
- ✓ Abstrakt logescht Denken
- ✓ Rechnerescht Denken
- ✓ Sech fir d'Ekonomie interesséieren
- ✓ Gäre Kontakt mam Client hunn
- ✓ Gutt kommunizéieren
- ✓ Exakt schaffe kënnen



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Versicherungswesen | Assurance | Actuarial Science, Insurance |
| Bank-, Finanz-, Rechnungs- und Steuerwesen | Banque, Finance | Economics, Finance and Accountancy |
| Betriebwirtschaftslehre (BWL) | Sciences économiques et gestion | Business Administration |
| Buchhaltung | Comptabilité | Accounting |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Aktuar | Actuaire | Actuary |
| Verwalter | Gestionnaire | Administrator |
| Versicherungsmakler | Souscripteur d’assurances | Insurance Underwriter |
| Vertreter | Représentant | Transfer Agent |
| Versicherungshändler | Distributeur d’assurances | Seller of Insurance |
| Private Banker | Private Banker | Private Banker |
| Steuer- und Wirtschaftsberater | Expert-comptable | Certified Public Accountant |

**Fir weider Informatiounen :**







# Gestioun - Ekonomie

Déi Leit, déi am Beräich vun der Gestioun schaffen, analyséieren, wat d'Gesellschaft, Firmen oder individuell Persoune brauchen. Vill Firme kucken d'Aktiounen tëschent dem Verkeefer an dem Keefer an hunn doduerch d'Entwécklung vun der Wirtschaft ëmmer am Bléck. Anerer droen dozou bäi, dass d'Ekonomie weiderleeft, andeems si d'Gestioun vu ville verschiddene Beräicher maachen. Wärend de Studie wäert ee vill praktesch Stagen hunn, a Fächer wéi Management, Administratioun oder och Droit gesinn.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Upassungsfäegkeet
- ✓ Séier kënne reagéieren an handelen
- ✓ Organiséiert sinn
- ✓ Autonom schaffen
- ✓ E puer Sprooche beherrschen
- ✓ Responsabilitéite kënnen huelen
- ✓ Gäre kommunizéieren



## Beispiller vu Studiegäng :


| | | |
|---|---|---|
| Handel | Commerce | Trade |
| Volkswirtschaftslehre | Économie | Economy |
| Politische Ökonomie | Économie politique | Political Economics |
| Tourismus | Tourisme | Tourism |
| Statistiken | Statistiques | Statistics |
| Personalwesen, Personalmanagement | Ressources humaines | Human Resources |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Logistik-Dienstleiter | Logisticien | Logistician |
| Eventmanager | Chargé de projet événementiel | Eventmanager |
| Wirtschaftsingenieur | Ingénieur commercial | Industrial Engineer |
| Leiter der Personalabteilung | Responsable des ressources humaines | Human Resources Manager |
| Beschaffungsmanager | Gestionnaire d'approvisionnement | Supply Manager |
| Ökonom | Économiste | Economist |

**Fir weider Informatiounen :**









# Humanwëssenschaften

De Beräich vun den Humanwëssenschaften ass immens vilfälteg, e geet vun der Philosophie, iwwer d'Geschicht, bis hin zur Anthropologie oder och nach der Ethnologie. Dës Beräicher hunn awer eppes gemeinsam, nämlech den Interessi un de Mënschen, dohier och den Numm. Si erfuerschen d'Gesellschaft vun deemools a vun haut an droen dozou bäi, dass ee se besser versteet. All déi Leit, déi an deene Beräicher schaffen, hu vill kulturell Kenntnisser an sinn "open-minded", dat heescht, oppe fir Neies gewuer ze ginn. Och wann ee mengt, dass net vill Leit an deene Beräicher gesicht ginn, esou ginn et awer vill Secteuren, déi esou Leit brauchen, sief dat an der Kommunikatioun, am Journalismus, am kulturelle Beräich, am Marketing oder am Enseignement.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Virwëtzeg sinn
- ✓ Kulturinteresséiert sinn
- ✓ Sech gutt ausdrécke kënnen
- ✓ Analytescht Denken
- ✓ Gefill fir den Detail
- ✓ Kritescht Denken



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Geschichte | Histoire | History |
| Philosophie | Philosophie | Philosophy |
| Archäologie | Archéologie | Archeology |
| Volkskunde | Folklore | Folklore |
| Anthropologie | Anthropologie | Anthropoloy |
| Politikwissenschaften | Sciences politiques | Political Science |
| Europäische Kulturen | Cultures européennes | European Cultures |
| Kunstgeschichte und Archäologie | Histoire de l'art et archéologie | History of Arts and Archeology |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Historiker | Historien | Historian |
| Archäologe | Archéologue | Archeologist |
| Kunsthistoriker | Historien d'art | Art Historian |
| Philosoph | Philosophe | Philosopher |
| Politikwissenschaftler | Politologue | Political Scientist |
| Soziologe | Sociologue | Sociologist |
| Anthropologe | Anthropologue | Anthropologist |

**Fir weider Informatiounen :**



# Informatik

Haut kann ee sech net méi virstellen, wéi d'Gesellschaft ouni Informatik giff funktionéieren. Keng Firma ka méi ouni Computer an Technik funktionéieren. D'Informatik hëlleft, fir Donnéeën ze analyséieren, Daten ze beaarbechten, nei Produkter ze entwéckelen an d'Informatioune séier ze verbreeden. Am Studium befaasst ee sech mat technesche Froen an deene verschiddenen Informatiounstechnologië fir duerno komplex Systemer oder Programméiermethoden auszeschaffen an ze entwéckelen.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Konzentréiert schaffen
- ✓ Technesch Kenntnisser hunn
- ✓ Gäre mat Technik ëmgoen
- ✓ Léisungsorientéiert schaffen
- ✓ Analytescht Denken
- ✓ Abstrakt, logescht Denken



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Informatik | Informatique | Computer Science |
| Computernetzwerktechnologie | Technologie de réseau informatique | Informatics Network Technologies |
| Cloud Computing | Cloud computing | Cloud Computing |
| Ingenieurwesen-Telekommunikation | Ingénierie – Télécommunication | Engineering-Telecommunications |
| Architektur von Informationssystemen | Architecture des systèmes d’information | Information Systems Architecture |
| Softwareentwicklung | Développement de logiciels | Software Development |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Datenbankadministrator | Administrateur de base de données | Database Administrator |
| Web-Entwickler | Développeur Web | Web Developper |
| IT-Manager | Responsable informatique | IT Manager |
| Verkaufsingenieur | Ingénieur commercial | Sales Engineer |
| Analyst-Entwickler, IT-Entwickler | Analyste – programmeur, Développeur informatique | Analyst Developer, IT Developer |
| UX Designer | Concepteur UX | UX Designer |
| System- und Netzwerktechniker | Ingénieur système et réseaux | System and Network Technician |
| Architekt von Informationssystemen | Architecte des systèmes d’information | Information System Architect |
| IT-Sicherheitsexperte | Expert en sécurité informatique | IT Security Expert |
| Telekommunikations- und Netzwerktechniker | Ingénieur télécoms et réseaux | Telecommunication and Network Technician |

**Fir weider Informatiounen :**



# Kommunikatioun - Informatioun - Dokumentatioun

Een Zil vun all de Professionellen, déi an dësem Beräich schaffen, ass et, mat Informatioun an Dokumentatioun ëmzegoen, an déi un d'Leit ze bréngen. Si analyséieren de System an de Prozess vun der Kommunikatioun an entwéckele Strategien, wéi d'Informatioun am beschten erausgeet. Déi eng informéieren a kommunizéieren dann, an anerer kucken, dass déi Informatiounen an Dokumentatiounen och versuergt ginn an einfach erëmzefanne sinn. Déi klasséieren an archivéiere se dann, wat hautdesdaags mat den neien Technologien séier an effikass funktionéiert.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Informatesch Kenntnisser
- ✓ Gefill fir d'Sprooch
- ✓ Gutt mat Informatioune kënnen ëmgoen
- ✓ Allgemengbildung
- ✓ Analytesch denken
- ✓ Argumentéiere kënnen
- ✓ Gutt schreiwe kënnen
- ✓ E puer Sprooche gutt beherrschen



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Kommunikation, Medien | Communication, Médias | Communication, Media Studies |
| Journalismus | Journalisme | Journalism |
| Bibliothek- und Informationswissenschaft | Bibliothécaire | Book and Digital Media Studies |
| Digitale Medienproduktion | Ingénierie de l'information numérique | Data Management, Digitalisation |
| Archivistik | Archives | Archival Studies |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Archivar | Archiviste | Archivist |
| Pressesprecher | Attaché de presse | Press Spokesperson |
| Bibliothekar | Bibliothécaire | Librarian |
| Dokumentar | Documentaliste | Documentation Officer |
| Journalist | Journaliste | Journalist |
| Illustrator | Illustrateur | Illustrator |
| Redakteur - Werbefachmann/-frau | Rédacteur - concepteur | Advertising Expert |
| Webdesigner | Webdesigner | Web Designer |
| Kommunikationsberater | Conseiller en communication | Communication Consultant |

**Fir weider Informatiounen :**






# Konscht a Kultur

D'Konscht ass ee vilfältege Beräich, wou ee säi kënschtlerescht Talent ka weisen. Déi Leit, déi an der Konscht schaffen, erfannen, gestalten a realiséiere Wierker. Si entwéckelen hir Konschtwierker iwwer vill verschidde Weeër : duerch Molereien, Zeechnungen, Photographie oder mat Hëllef vun deenen neien Technologien. Zum Konschtberäich zielt awer och d'Wëssenschaft oder d'Konschtgeschicht, déi sech éischter mat dem Kulturierwen, also ale Konschtwierker a Monumenter, beschäftegt. D'Experten an dësem Beräich erfuerschen déi Wierker a schützen se, andeems se driwwer informéieren oder och al Wierker restauréieren.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Kreativ sinn
- ✓ Kënschtlerescht Talent
- ✓ Fangergeschéck
- ✓ Flexibel sinn
- ✓ Belaaschtbar a stressresistent sinn
- ✓ Handwierklecht Geschéck
- ✓ Sënn a Gespier fir Ästhetik
- ✓ Raimlecht Virstellungsverméigen



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Angewandte Kunst | Arts appliqués | Applied Arts |
| Digitale Kunst | Arts numériques | Digital Design |
| Freie Kunst, bildende Kunst | Arts plastiques, visuels et de l'espace | Fine Arts, Visual Arts |
| Gestaltung | Design | Design |
| Innenarchitektur, Gestaltung | Architecture d'intérieur, décoration et design | Interior Design |
| Kulturwissenschaft , Kulturmanagement | Arts, culture, patrimoine, management culturel, marché de l'art | Art History, Cultural Heritage |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Grafiker | Graphiste | Graphic Artist |
| Möbeldesigner | Créateur de meubles | Furniture Designer |
| Modedesigner | Styliste de mode | Fashion Designer |
| Museologe | Muséologue | Museologist |
| Restaurator | Restaurateur d'œuvres d'art | Conservator |
| Videospielhersteller | Créateur de jeux vidéo | Game Designer |

**Fir weider Informatiounen :**



# Marketing - Verkaf

Ënnert dem Beräich Marketing versteet een allgemeng eng Rei vu Strategien, déi zum Zil hunn, eng Mark, ee Produkt oder eng Déngschtleeschtung fir de Verkafsmaart schmackhaft ze maachen; dozou gehéieren Markenbildungsmoossnamen, Analyse vun Zilgruppen, Präismanagement an natierlech Reklamm. All Moossnamen, déi geduecht sinn, fir dem Client d'Produkt ze presentéieren an hien ze iwwerzeegen, et ze kafen, gehéieren zum Marketing.

Am Beräich vum Marketing oder dem Verkaf schaffe Professioneller, déi de Maart analyséieren, fir duerno kënne Produkter oder Déngschter ze verkafen. Si analyséieren Zilgruppe vu Leit an d'Konkurrenz a schaffen da Strategien aus. Fir Produkter op de Maart ze bréngen, handelen, informéieren a berode si d'Leit a kucken, e Präis auszeschaffen, genuch Kommunikatioun oder Reklamm ze maachen, fir dass d'Leit dee Produit oder Déngscht duerno kafen.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Strateegescht Denken
- ✓ Op de Clienten hir Bedierfnisser agoen
- ✓ Gäre mat Leit a Kontakt sinn
- ✓ Zilorientéiert sinn
- ✓ Sech gutt ausdrécke kënnen
- ✓ Gutt plangen an organiséiere kënnen



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Digitales Medienmanagement | Gestion des médias numériques | Digital Media Management |
| Markenführung | Gestion de la marque | Brand Management |
| Online Marketing | Marketing en ligne | Internet Marketing |
| Marketing und Geschäftskommunikation | Marketing et communication des entreprises | Marketing and Business Communication |
| Internationaler Handel un Management | Commerce international et gestion | International Business and Management |
| E-Commerce | E-Commerce | E-Commerce |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Handelsattaché | Attaché commercial | Commercial Attaché |
| Beauftragter für Marketingstudien | Chargé d'études marketing | Marketing Studies Officer |
| Marketing Produktmanager | Chef de produit marketing | Marketing Product Manager |
| Community Manager | Gestionnaire de communauté | Community Manager |
| Marketing Berater | Consultant en marketing | Consultant Marketing |
| Vermarkter | Trade marketeur | Marketer |
| Web-Vermarkter | Web marketeur | Web Marketer |
| Digital Brand Manager | Responsable de la marque digitale | Digital Brand Manager |
| E-Kategorie Manager | Responsable catégorie E | E-category Manager |

**Fir weider Informatiounen :**



# Medezin - Gesondheetsberuffer

Bei de Santésberuffer esou wéi am Beräich vun de Medezinnsberuffer steet de Mënsch (oder d'Déier beim Véidokter) a seng Gesondheet am Mëttelpunkt. Déi Professionell an dësem Gebitt, jee no Beruff, erstellen Diagnosen, decidéieren, wéi eng Behandlung de Patient brauch, fleegen, behandelen an fuerschen och an deene Beräicher.

**Vill Beruffer aus dem Santésberäich si reglementéiert, d.h. et ass gesetzlech festgehalen, wat ee muss geléiert oder studéiert hu fir se dierfen auszeüben (cf. Kapitel iwwer déi reglementéiert Beruffer).**

**Kompetenzen, déi ee brauch :**
- ✓ Éiergäizeg sinn
- ✓ Technesch prezis schaffe kënnen
- ✓ E perséinlechen Equiliber hunn
- ✓ Gedold
- ✓ Nolauschtere kënnen
- ✓ Diskret sinn
- ✓ Ausdauer
- ✓ Belaaschtbar sinn
- ✓ Gutt Reaktiounen a Reflexer hunn



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Medizin | Médecine | Medicine |
| Gesundheits- und Krankenpflege | Infirmier | Registered nurse |
| Osteopathie | Sciences de la motricité: ostéopathie | Osteopathy |
| Psychotherapie | Psychothérapie | Psychotherapy |
| Neurowissenschaften | Neurosciences | Neuroscience |
| Physiotherapie | Kinésithérapie, Physiothérapie | Physiotherapy |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Diätassistent | Diététicien | Nutritionist |
| Ergotherapeut | Ergothérapeute | Occupational Therapist |
| Krankenpfleger | Infirmier | Nurse |
| Laborassistent | Laborantin | Laboratory Assistant |
| Physiotherapeut | Masseur-kinésithérapeute | Massage Physiotherapist |
| Allgemeinarzt | Médecin généraliste | General Practitioner |
| Arzt mit Spezialisation | Médecin spécialiste | Doctor with Specialsation |
| Zahnarzt | Médecin-dentiste | Dentist |
| Tierarzt | Vétérinaire | Veterinarian |
| Sprachtherapeut | Orthophoniste | Speech Therapist |
| Orthopist | Orthoptiste | Orthoptist |
| Apotheker | Pharmacien | Pharmacist |
| Podologe | Podologue | Podiatrist |
| Psychomotoriktherapeut | Rééducateur en psychomotricité | Psychomotortherapist |
| Hebamme | Sage-femme | Midwife |

**Fir weider Informatiounen :**









# Naturwëssenschaften

Op der enger Säit huet een d'Wëssenschaftler, déi sech mat der onbeliefter Natur beschäftegen, dat heescht mat der Matière, wéi z. Bsp. de Physiker oder Chemiker. Op der anerer Säit huet ee Wëssenschaftler, déi sech mat de Phänomener aus der beliefter Natur befaassen, wéi de Biolog oder de Genetiker. Si fuerschen alleguer an hirem Beräich a wëllen alles, wat mat hirem Fach ze dinn huet, wëssen. Si gi bis op de Grond, kucken, wou wat hier kënnt a fuerschen ëmmer weider.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**
- ✓ Reaktiv sinn
- ✓ Virwëtzeg sinn
- ✓ Gefill fir den Detail
- ✓ Rechnerescht Denken
- ✓ Technescht Verständnis
- ✓ Abstrakt, logescht Denken
- ✓ Responsabilitéiten iwwerhuelen




## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Chemie | Chimie | Chemistry |
| Physik | Physique | Physics |
| Mathematik | Mathématiques | Mathematics |
| Biologie | Biologie | Biology |
| Erdwissenschaften | Sciences de la terre | Earth Science |
| Biowissenschaften | Sciences de la vie | Life Sciences |
| Nanowissenschaften | Nanosciences | Nanosciences |
| Astrophysik | Astrophysique | Astrophysics |
| Bioinformatik | Bioinformatique | Bioinformatics |
| Lebensmittelchemie | Chimie alimentaire | Food Chemistry |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Chemiker | Chimiste | Chemist |
| Biolog | Biologiste | Biologist |
| Biochemiker | Biochimiste | Biochemist |
| Biotechnologe | Biotechnologue | Biotechnologist |
| Mathematiker | Mathématicien | Mathematician |
| Physiker | Physicien | Physicist |
| Geologe | Géologue | Geologist |
| Geophysiker | Géophysicien | Geophysicist |
| Hydrauliker | Hydraulicien | Hydraulic Engineer |
| Akustiker | Acousticien | Acoustician |
| Forscher | Chercheur | Researcher |

**Fir weider Informatiounen :**



# Soziale Beräich

Am soziale Beräich ze schaffen heescht, Persounen a verschiddene Situatioune weiderzehëllefen, si ze informéieren, ze beroden an ze ënnerstëtzen. Et schafft een entweder mat ganz klenge Kanner, mat Erwuessenen, mat eelere Leit oder och nach mat Leit mat spezifesche Besoinen. Et begleet ee si a verschiddene Momenter an hirem Liewen, sief dat an enger Crèche, an der Klinik, an engem Altersheim, am Office social oder am "Streetwork". D'Studie si ganz vilfälteg : do huet ee vum Droit iwwer Psychologie bis hin zu Erzéiungswëssenschafte vun allem derbäi.

**D'Beruffer vum Sozialaarbechter, vum Assistant d'hygiène sociale wéi och vum Heilpädagog si reglementéiert, d.h. et ass gesetzlech festgehalen, wat ee muss geléiert oder studéiert hu fir se dierfen auszeüben (cf. Kapitel iwwer déi reglementéiert Beruffer).**

**Kompetenzen, déi ee brauch :**
- ✓ Gedold
- ✓ Nolauschtere kënnen
- ✓ Diskretioun
- ✓ De Kontakt gären hunn
- ✓ E perséinlechen Equiliber hunn
- ✓ Sech fir sozial Problemer interesséieren
- ✓ Sech gäre fir Leit engagéieren
- ✓ Stressresistent sinn



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Soziale Arbeit | Sciences sociales et éducatives | Social Work |
| Pädagogik | Pédagogie | Pedagogy |
| Heilpädagogik | Pédagogie curative clinique et éducation spécialisée | Inclusive Education |
| Management und Coaching im Bildungs- und Sozialwesen | Management et coaching en éducation et affaires sociales | Management and Coaching in Social Affairs |
| Psychologische Wissenschaften und Bildung | Sciences psychologiques et de l'éducation | Psychological Sciences and Education |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Sozialarbeiter | Assistant social | Social Worker |
| Diplom-Pädagoge | Éducateur gradué / spécialisé | Graduate Educator |
| Pädagoge | Pédagogue | Pedagogue |
| Heilpädagoge (och ee Gesondheetsberuff) | Pédagogue curatif | Remedial Teacher |
| Pädagoge, spezialisiert auf soziosportliche Aktivitäten | Educateur spécialisé en activités socio-sportives | Educator, specialising in Socio-Sports Activities |

**Fir weider Informatiounen :**



# Sproochen

D'Beruffer aus dësem Beräich befaasse sech mat der Sproochwëssenschaft oder der Literatur an der Literaturwëssenschaft. Déi eng Beruffer analyséieren d'Sprooch, wou se hierkënnt a wéi se sech weiderentwéckelt huet, wéi se kléngt, wéi de Sazopbau ass, wat d'Ënnerscheeder tëschent verschiddenen Dialekter sinn a wéi se ugewant gëtt. D'Literaturwëssenschaft setzt sech mat der Literatur wëssenschaftlech ausenaner a ëmfaasst Disziplinne wéi Literaturgeschicht, Literaturtheorie, Literaturinterpretation, Ästhetik, Gattungstheorie, Literaturkritik, etc. Déi Persounen, déi éischter an dësem Beräich studéiert hunn, befaasse sech oft net nëmme mat de Klassiker, mee och mat moderner an zäitgenëssescher Literatur, déi Auteure vun haut geschriwwen hunn. Spéider begleede si d'Auteure beim Schreiwe vu Romaner oder schaffen z. Bsp. am Beräich vun de Medien. D'Iwwersetzer léieren an hirem Studiegang, wéi se en Text genau vun enger Sprooch an eng aner iwwersetzen an d'Interpreten iwwersetze mëndlech simultan Rieden oder Konferenzen oder mat Hëllef vun der Gebäerdesprooch.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**
- ✓ Gefill fir den Detail
- ✓ Faszinatioun fir d'Sproochen
- ✓ E puer Sprooche schwätzen a schreiwe kënnen
- ✓ Textverständnis
- ✓ Liichtegkeet am mëndlechen a schrëftlechen Ausdrock
- ✓ Upassungsfäegkeet



## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Interpretariat | Interprétariat | Interpreting |
| Dolmetschen / Übersetzen | Traduction | Translation |
| Transkulturelle Kommunikation | Communication transculturelle | Cross-Cultural Communication |
| Translationswissenschaft | Études de traduction | Translation Studies |
| Mehrsprachige Kommunikation | Communication multilingue | Multilingual Communication |
| Sprache und Literatur | Langue et littérature | Language and Literature |
| Angewandte Sprachwissenschaften | Linguistique appliquée | Applied Linguistics |

## Beispiller vu Beruffer :

| | | |
|---|---|---|
| Übersetzer | Traducteur | Translator |
| Dolmetscher | Interprète | Interpreter |
| Linguist | Linguiste | Linguist |
| Gebärdensprachdolmetscher | Interprète en langues des signes | Sign Language Interpreter |
| Autor | Auteur | Author |
| Pressesprecher | Attaché de presse | Press spokesperson |
| Lektor | Éditeur | Editor |

**Fir weider Informatiounen :**







# Theater - Musek - Danz - Kino

Op virun der Bün, hannert der Bün oder op der Bün, vill Leit schaffen am Beräich vum Theater, Musek, Danz oder och am Kino- a Fernseeberäich. Kënschtlerescht Talent soll ee matbréngen, mee natierlech ginn et och Beruffer, déi een och eréischt no der 1re ka léieren, wéi z. Bsp. Tountechniker oder Theaterpädagog. D'Studie sinn immens praxisorientéiert, mat ville verschiddene Fächer, an et muss ee sech bewosst sinn, dass een, deemno wéi eng Studien ee mécht, och vill muss nieft der Schoul individuell schaffen.

**Kompetenzen, déi ee brauch :**

- ✓ Open-minded a kreativ sinn
- ✓ Kritescht Denken
- ✓ Upassungsfäegkeet
- ✓ Villsäiteg sinn
- ✓ Gespier fir Ästhetik
- ✓ Pädagogescht Geschéck




## Beispiller vu Studiegäng :

| | | |
|---|---|---|
| Schauspiel | Art dramatique | Acting |
| Regie | Metteur en scène, régie de production | Filmmaking, Theatre Directing |
| Theaterpädagogik | Pédagogie du théâtre | Theatre Pedagogy |
| Bühnen- und Kostümbild | Concepteur de scène et de costumes | Stage and Costume Design |
| Drehbuch, Dramaturgie, Schreiben | Script, Dramaturge, Interprétation dramatique | Script, Dramaturgy, Screenwriting |
| Musiktherapie | Musicothérapie | Music Therapy |
| Intrumental- oder Gesangsausbildung | Formation instrumentale ou vocale | Instrumental or Vocal Training |
| Bühnenmalerei | Scénographie | Scenography |

## Beispiller vu Beruffer :


| | | |
|---|---|---|
| Choreograph | Chorégraphe | Choreographer |
| Tanzlehrer | Professeur de danse | Dance Teacher |
| Bühnenbildner | Scénographe | Stage Designer |
| Autor – Komponist – Performer | Auteur – compositeur – interprète | Author – Composer – Performer |
| Musiklehrer | Enseignant de musique | Music Teacher |
| Toningenieur | Ingénieur du son | Sound Engineer |
| Schauspieler | Acteur | Actor |
| Theaterpädagoge | Pédagogue du théâtre | Theater Pedagogue |
| Showmanager | Régisseur de spectacle | Showmanager |
| Kostümbildner | Costumier | Costume Designer |
| Dramatiker | Dramaturge | Playwright |

**Fir weider Informatiounen :**











**Tipp!**
Kënnt Dir Iech net direkt zwëschen zwee Länner / zwou Stied entscheeden? Da fuert oder flitt mat Ären Elteren oder Frënn dohin, kuckt Iech d'Stad un, da kritt Dir een éischte Feeling, wéi et wärend dem Studium kinnt sinn.

# A wéi ee Land wëll ech studéiere goen?



# Ech studéiere gär zu Lëtzebuerg

**Geschwate Sproochen**
- ○ Lëtzebuergesch
- ○ Franséisch
- ○ Däitsch



# Université du Luxembourg

**Dräi Fakultéiten :**

## Faculté des Sciences, des Technologies et de Médecine (FSTM)

- Mathématiques
- Physique
- Ingénierie
- Informatique
- Biologie et médecine

## Faculté de Droit, d'Économie et de Finance (FDEF)

- Droit
- Finance
- Sciences économiques et gestion

## Faculté des Sciences Humaines, des Sciences de l'Éducation et des Sciences Sociales (FHSE)

- Sciences humaines
- Sciences comportementales et cognitives
- Sciences de l'éducation et intervention sociale
- Géographie et aménagement du territoire
- Sciences sociales
- Sciences sociales et éducatives

**D'Universitéit vu Lëtzebuerg a puer Wierder ...**

- **Formatiounen :**
  Bachelor, Master an Doktorat
- **Unikat :**
  déi eenzeg ëffentlech Uni am Grand-Duché
- **Multilinguismus :**
  vill Bachelor- a Masterprogrammer si multilingual :
  Franséisch – Englesch ; Franséisch – Däitsch ;
  Franséisch – Däitsch – Englesch
- **Mobilitéit :**
  een Semester am Ausland gëtt wärend dem Bachelor verlaangt
- **Fuerschung :**
  d'Uni Lëtzebuerg leet vill Wäert op Fuerschung an offréiert domat interessant Perspektive fir Studenten, déi sech nom Master wëlle weiderbilden
- **Dräi Campussen :**
  Belval, Kierchbierg a Lampertsbierg

www.uni.lu

# Brevet de Technicien Supérieur (BTS)

**Sechs Beräicher :**

bts >> artisanat | bts >> arts appliqués | bts >> commerce | bts >> industrie | bts >> santé | bts >> services


**Wou kann een e BTS maachen?**

- École de Commerce et de Gestion/School of Business and Management (ECG) www.ecg.lu
- École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg (EHTL) www.ehtl.lu
- Lycée des Arts et Métiers (LAM) www.artsetmetiers.lu
- Lycée Classique de Diekirch (LCD) www.lcd.lu
- Lycée du Nord (LN) www.lnw.lu
- Lycée Nic-Biever(LNBD) www.lnbd.lu
- Lycée Technique d'Ettelbruck (LTEtt) www.ltett.lu
- Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) www.ltps.lu
- Lycée Technique de Bonnevoie (LTB) www.ltb.lu
- Lycée Technique du Centre (LTC) www.ltc.lu
- Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) www.ljbm.lu
- Lycée Guillaume Kroll (LGK) www.lgk.lu
- Maacher Lycée (MLG) www.maacherlycee.lu

**Virdeeler vun engem BTS ...**

- Vill verschidde Beräicher – aktuell 34 BTSen
- Nationalen Héichschouldiplom
- Kuerz Formatioun vun 4 bis 6 Semesteren
- Theoretesch Coursen a praktesch Stagen
- Nom Diplom kann een direkt schaffe goen
- Programmer ginn ausgeschafft vun de Lycéeë mat de concernéierte Secteuren
- Patrone stelle gäre Leit mat engem BTS-Diplom an

**Fir weider Informatiounen :**



# Privat Héichschoulen

[LU:NEX]

Op der spezialiséierter privater Héichschoul „**Lunex University**“ kënnt Dir Studie maachen am Beräich vum Sport, der Physiotherapie oder dem Sportmanagement.

**Dräi Departementer :**

- Department of Sport and Exercise Science
- Department of International Sport Management
- Department of Physiotherapy

**Studieprogrammer :**

- Bachelor, Master
- D'Coursë sinn all op Englesch

All Detailer fannt Dir op :
www.lunex-university.net

LSB Luxembourg School of Business

Déi spezialiséiert privat Héichschoul „**Luxembourg School of Business**“ (LSB) bitt Studien un am Businessberäich an am Management.

**Studieprogrammer :**

- Weekend MBA (part-time)
- Master in Management

All Detailer fannt Dir op :
luxsb.lu

**All d'Studien zu Lëtzebuerg kënnt Dir um www.mengstudien.lu fannen.**

# Ech gi gär an d'Ausland studéieren



# Belgique





**Langues parlées :**
- français
- flamand
- allemand
- anglais

**Types d'établissements d'enseignement supérieur :**
- Universités
- Hautes Écoles
- Écoles supérieures des arts
- Instituts supérieurs d'architecture
- Établissements d'enseignement supérieur de promotion sociale

**Diplômes :**
- Bachelier: 3-4 ans
- Master : 1-2 ans
- Doctorat : 3 ans

***Pourquoi choisir la Belgique ?***

***Pour ses formations très bien cotées.***

***Pour son multilinguisme : français, allemand, flamand et de plus en plus l'anglais.***

***Pour ses faibles frais de scolarité.***

***Pour une sélection moins forte à l'entrée dans la majorité des formations.***

***Pour ses villes culturelles très tendance : Bruxelles, Anvers, Gand…***

***Enfin ou avant tout…pour l'accueil chaleureux des Belges !***

**Informations pratiques :**

Pour pouvoir s'inscrire en Belgique, il faut avoir l'équivalence de diplôme : **www.equivalences.cfwb.be**

Pour trouver sa formation, voir sur **www.mesetudes.be.**

Publication « étudier en ... Belgique » sur **www.mengstudien.lu.**



# France



**Langues parlées :**
- français
- anglais

**Types d'établissements d'enseignement supérieur :**
- Universités
- Grandes écoles (domaines commerce, ingénierie, architecture, art, ...)
- Écoles spécialisées (paramédical, social, art, musique, danse, communication, ...)
- Lycées (classes préparatoires, BTS)

**Diplômes :**
- BTS – Brevet de technicien supérieur : 2 ans
- DEUST – Diplôme d'études universitaires scientifiques et techniques : 2 ans
- BUT – Bachelor universitaire de technologie: 3 ans
- Licence : 3 ans
- Licence professionnelle : 1 an (3e année de licence après un Bac +2)
- Master : 2 ans
- Doctorat : 3 ans

**Attention !**
Plusieurs types de diplômes et de certificats, comme les « bachelors », les « mastères », les certificats d'école, les diplômes d'université (DU) ou des titres professionnels, ne sont pas reconnus.

**Vérifiez bien si le diplôme envisagé est reconnu!**

Adressez-vous au MESR - Service Information études supérieures si vous n'êtes pas sûr.

***Pourquoi choisir la France ?***

***Pour son enseignement supérieur de grande qualité avec des frais d'inscription réduits.***

***Pour la grande diversité des formations et les nombreuses passerelles pour passer d'un cursus à l'autre.***


***Pour parfaire vos connaissances du français, une des langues administratives du Luxembourg.***

***Pour un cadre de vie agréable et un art de vivre largement réputé.***

**Informations pratiques :**

Inscription via www.parcoursup.fr de janvier à mars.
Pour trouver sa formation, voir sur www.parcoursup.fr ou www.onisep.fr.

Publication « étudier en ... France » sur www.mengstudien.lu.



# Deutschland



**Sprachen:**
- Deutsch
- Englisch

**Arten von Hochschulen :**

- Universitäten und Hochschulen (Technische Universitäten, Fernuniversität, Hochschulen für Medizin, Tiermedizin oder Sport, pädagogische Hochschulen, kirchliche und philosophisch-theologische Hochschulen)
- Kunst-, Musik- und Filmhochschulen
- Fachhochschulen bzw. Hochschulen für angewandte Wissenschaften
- Fachhochschulen für öffentliche Verwaltung
- Duale Hochschulen

**Studienabschlüsse :**

- Bachelor (6-8 Semester)
- Master (2-4 Semester)
- Doktorat
- Staatsexamen



***Sie lieben die deutsche Sprache und Kultur und möchten deshalb in Deutschland studieren?***

***Deutschland bietet eine Vielzahl an Hochschuleinrichtungen, die weltweites Ansehen und einen guten Ruf in Lehre und Forschung genießen.***

***Bei internationalen Studenten wird Deutschland u.a. durch seine englischsprachigen Programme immer beliebter.***

**Praktische Informationen :**

Sein Studium finden : **www.studienwahl.de** oder **www.hochschulkompass.de**

Für zulassungsbeschränkte Fächer muss man sich via **www.hochschulstart.de** einschreiben
Bewerber mit ausländischem Sekundarabschluss müssen sich in spezifischen Fällen via **www.uni-assist.de** einschreiben.

Publikation „studieren in ... Deutschland“ auf **www.mengstudien.lu**.



# Österreich



**Sprachen:**
- Deutsch
- Englisch

**Arten von Hochschulen :**
- Öffentliche Universitäten
- Privatuniversitäten
- Fachhochschulen
- Pädagogische Hochschulen

**Studienabschlüsse :**
- Bachelor (6-8 Semester)
- Master (2-4 Semester)
- Doktorat (6 Semester)



***Sind Sie begeistert von alpiner Natur oder lieben Sie klassische Musik und Literatur?***

***Dann ist Österreich das richtige Studienland für Sie. Traditionsreiche Universitäten und Hochschulen in so bedeutenden Städten wie Wien, Innsbruck, Salzburg oder Graz bieten interessante und vielseitige Studiengänge an.***

***Österreich hat eine übersichtliche Hochschulstruktur und bietet Studien nach dem Bologna-System (Bachelor-Master-Doktorat) an.***

**Praktische Informationen :**

Sein Studium finden auf **www.studienwahl.at** oder**www.studiversum.at**.

Studieneingangs- und Orientierungsphase (STEOP) für alle Studienanfänger.

Publikation „studieren in ... Österreich" auf **www.mengstudien.lu**.



# Suisse



**Langues parlées:**
- allemand
- français
- italien
- anglais

**Types d'établissements d'enseignement supérieur :**
- Hautes Écoles universitaires
- Écoles polytechniques fédérales
- Universitäre Hochschulen
- Hautes écoles spécialisées
- Fachhochschulen
- Hautes écoles pédagogiques
- Pädagogische Hochschulen



**Diplômes :**
- Bachelor : 3 ans
- Master : 1 ½ - 2 ans
- Master of Advanced Studies (MAS) : 1 an
- Doctorat : 3 ans

***Pourquoi choisir la Suisse ?***

***Étudier en Suisse permet de découvrir un des pays carrefour de l'Europe connu pour la compétitivité de son économie et la stabilité de sa politique. Sous l'influence entre des langues et des cultures françaises, allemandes et italiennes, la Suisse offre un enseignement supérieur de qualité.***

***La variété des cursus disponibles est un autre atout de son enseignement supérieur. Entre universités, écoles polytechniques fédérales, hautes écoles spécialisées et hautes écoles pédagogiques… vous avez le choix.***

**Informations pratiques :**

Pour trouver sa formation, voir sur **www.orientation.ch** ou **www.studyprogrammes.ch**.

Seuls les diplômes luxembourgeois de fin d'études secondaires classiques des sections B, C, D, G sont acceptés dans les Hautes Écoles universitaires (universitäre Hochschulen).

Publication « étudier en ... Suisse » sur **www.mengstudien.lu**.



# The Netherlands



**Spoken languages:**
- Dutch
- English

**Types of higher education institutions :**

- Research Universities
- Universities of applied sciences
- Institutes for international education (IE)



**Degrees awarded :**

- Associate degree : 2 years
- Bachelor HBO : 4 years (higher professional education)
- Bachelor WO : 3 years (research-oriented higher education)
- Master HBO : 1-2 years (higher professional education)
- Master WO : 1-3 years (research-oriented higher education)
- Doctor : 4 years

***The Netherlands, a country so close to Luxembourg, offers an increasing range of interesting study courses in English. The Dutch teaching methods and approach to studying is very innovative.***

***You can enjoy an interesting student life in a country renowned for an open society and a mix of different cultures.***

**Practical information :**

TOEFL / IELTS test required.
Find your study programme via www.studyfinder.nl.

Application via www.studielink.nl.

Brochure “studying in ... the Netherlands” via www.mengstudien.lu.



# Ireland



Spoken languages:
- Irish
- English

**Types of higher education institutions :**
- Universities
- Colleges
- Institutes of technology
- Private Colleges



**Degrees awarded :**
- Higher certificates
- Ordinary bachelor degrees
- Honours bachelor degrees
- Postgraduate diplomas
- Master degrees
- Higher doctorate
- Doctoral degrees

***Every year, the country of Oscar Wilde, Samuel Beckett and James Joyce welcomes around 35,000 international students from over 160 countries.***

***An ideal destination for quality English language training, Ireland is also a welcoming country where the cost of education is much lower than in neighbouring Britain.***

**Practical information :**


No tuition fees.
Enrolment procedure centralised on www.cao.ie.
Find your study programme via www.cao.ie.

Brochure "studying in ... Ireland" via www.mengstudien.lu.



# Portugal






**Types of higher education institutions :**

- Universities (public and private)
- Polytechnic institutes (public and private)

**Degrees awarded :**

- Licenciatura
- Mestrado
- Mestrado integrado
- Doutoramento



***Study in a country that offers more than the sun and fado?***

***Learn Portuguese, the third most spoken language in the world?***

***There are many links between Luxembourg and Portugal, which are mainly based on human relations following the strong Portuguese immigration of the 1960s.***

***Its numerous higher education institutions often have a long tradition, such as the University of Coimbra, which is the oldest university of the country and one of the most important research and higher education bodies in Portugal.***

**Practical information :**

Find your study program via **www.dges.gov.pt** or **www.study-research.pt/en/search**.
More and more English programs.

Publication "étudier en Portugal" via **www.mengstudien.lu**.



***Dat war ee klengen Iwwerbléck iwwert e puer Länner.***

Wann Dir nach méi Informatiounen zu dësen an nach anere Länner (wéi z. Bsp. Kanada, Schweden, Dänemark, Spuenien, …) wëllt fannen, da kuckt op eisem Site **www.mengstudien.lu**.

**Tipp!**
Informéiert Iech fréi genuch!





# Ech schreiwe mech an

# Verschidden Aart a Weise fir sech anzeschreiwen

Esou wéi d'Datume kënne verschidde si vu Land zu Land, kann och d'Aart a Weis sech anzeschreiwe verschidde sinn. Bei e puer Länner ginn et Zentralaschreiwungen, dat heescht, all Student, dee wëll an dat Land studéiere goen, muss sech iwwert en zentralen Site umellen. Aner Länner hu keng Zentralaschreiwung, da muss ee sech bei all Schoul eenzel op hire jeeweilege Portaler aschreiwen. Et ginn och vill Länner, déi froen, dass ee sech méi fréi schonn online aschreift, ier een den Diplom huet - dat ass eng préinscription. Wann een dann den Diplom krut, schéckt een deen no.

**Dofir ass et wichteg, fréi genuch op der Internetsäit vun der Schoul ze kucken, wéi ee sech muss aschreiwen a virun allem bis wéini!**

Hei drënner gesitt Dir e Kalenner, deen e klengen Iwwerbléck gëtt vun den Haaptlänner mat hiren Aschreiwungsdatumer, an och weist, ob Dir Iech musst zentral aschreiwen oder net. Déi Detailer gëlle fir déi ëffentlech Schoulen. Privat Schoulen hunn oft aner Deadlinen - do musst Dir eenzel op der Schoul hirer Internetsäit kucken. An Däitschland gëllt d'Zentralaschreiwung och net fir all Uni oder Héichschoul, dat hänkt ëmmer vun der Schoul of.

**Tipp!**
Maacht Iech ee Kalenner mat de Stéchdatumer, esou dass Dir déi ëmmer am Bléck haalt.

| Länner | Wéini schreiwen ech mech an? | Wéi schreiwen ech mech an ? |
|---|---|---|
| **Lëtzebuerg** | Januar bis August | |
| **Däitschland** | WS : bis de 15. Juli<br>SS : bis de 15. Januar | www.uni-assist.de<br>www.hochschulstart.de |
| **Belsch** | *Unien :* 30. September<br>*Héichschoulen :* 31. Oktober | |
| **Frankräich** | Mëtt Januar bis Mëtt Mäerz | www.parcoursup.fr |
| **Éisträich** | Bis de 5. September | |
| **Schwäiz** | *Universitéiten :* bis den 30. Abrëll<br>*Héichschoulen :* Januar bis Abrëll | |
| **Holland** | Bis den 1. Mee,<br>*ausser Numerus Clausus – Fächer: bis de 15. Januar* | www.studielink.nl |
| **Groussbritannien** | Bis de leschte Mëttwoch am Januar<br>*Ausser Oxford, Cambridge a Medizinstudien bis de 15. Oktober* | www.ucas.com |

Wéinst der aktueller sanitärer Situatioun bedéngt duerch d'Pandemie vum Covid-19 kënnen d'Datumen och nach d'nächst Joer anescht si wéi gewinnt, dofir :

**Déi richteg an aktuell Informatiounen stinn ëmmer um Site vun der Uni oder Héichschoul !**

# Wat gëtt gefrot bei enger Aschreiwung?

## Diplom a Relevé de notes

Den Diplom an de *relevé de notes* gëtt iwwerall gefrot. Verschidde Schoule froen heiansdo awer net nëmmen d'Notte vu 1re, mee och vun 2e an 3e.

## Iwwersetzung

Wann Ären Diplom oder *relevé de notes* just op Franséisch ass, musst Dir en deemno wéi iwwersetze loossen. Eng offiziell Iwwersetzung kënnt Dir ufroen bei engem *traducteur assermenté*.

**Eng Lëscht mat de vereedegten Iwwersetzer fannt Dir op der Internetsäit vum Ministère de la Justice : https://justice.public.lu/fr/aides-informations/liste-des-experts.html**

## Equivalenz

**Dat heescht, dass ee muss säin 1res - Diplom unerkenne loosse vun den Autoritéite vum Land, wou ee studéiere geet.**

Eng Equivalenz vun Ärem 1res - Diplom gëtt net an all Land gefrot fir studéieren ze goen. Bei ville Länner geet Ären Diplom duer fir sech unzemellen. Verschidde Länner froen awer eng Equivalenz, wéi z. Bsp. déi franséisch Communautéit vun der Belsch. Do ass d'Equivalenz obligatoresch fir däerfe studéieren ze goen.

**All Informatiounen heizou fannt Dir op www.equivalences.cfwb.be mee eppes kënnt Dir Iech schonn notéieren : bis de 15. Juli muss ee se ugefrot hunn!**

# Numerus Clausus

**Den Numerus Clausus bezeechent eng Nott oder Moyenne, déi ee brauch, fir an ee Studiegang zougelooss ze ginn.**

Dat huet een z.Bsp. oft an Däitschland, wou een dann déi entspriechend däitsch Nott vu senger lëtzebuergescher Nott, déi um Diplom steet, muss ugi bei der Aschreiwung.

# Sprachnachweis / Attestation de langues

A ville Länner muss ee bei der Aschreiwung och oft beweisen, dass een éischtens déi Sprooch scho beherrscht an zweetens, wéi gutt ee se beherrscht. Op ville 1res – Diplomer steet den Niveau vun der däitscher, franséischer an englescher Sprooch drop. Wann Iech dës Informatioun awer sollt feelen, kënnt Dir eng *attestation de langues* (op DE : *Sprachnachweis*) um Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse am Service de l'enseignement secondaire ufroen.

# Sproochentest

Deemno a wéi ee Land Dir wëllt studéiere goen oder an deemno wéi ee Fach Dir Iech ugemellt hutt, geet de Sprachnachweis net duer. An deem Fall musst Dir e Sproochentest schreiwen.

**Fir Äert Englescht ze testen :**
- TOEFL – Test of English as a Foreign Language: www.ets.org/toefl
- IELTS – International English Language Testing System: www.inll.lu

**Fir Äert Italienescht ze testen :**
- CELI – Certificato di Conoscenza della Lingua Italiana: www.inll.lu

**Fir Äert Spuenescht ze testen :**
- DELE – Diplomas de Español como Lengua Extranjera: www.inll.lu

# Wat kënnen d'Universitéiten oder Héichschoulen nach froen?



- Lettre de motivation
- Stage/ Vorpraktikum
- Interview
- Opnamexamen
- Virspillen op engem Instrument
- Eng Mapp mat Zeechnungen oder Biller
- ...

**Tipp!**
De Service Info études kann Iech hëllefe beim Aschreiwen, mee och d'Leit, déi op der jeeweileger Ambassade schaffen.



# Ech sinn ugeholl

*Wéi geet dat mat der finanzieller Hëllef vum Lëtzebuerger Staat?*
*Wou ginn ech wunnen?*
*Wéi eng Schrëtt muss ech maachen, fir mech unzemellen op enger Gemeng?*
*Sinn ech verséchert?*
*Wëll ech als Student schaffe goen?*

# D'staatlech Studiebäihëllef ufroen

**D'Studiebäihëllef ass eng finanziell Hëllef vum Lëtzebuerger Staat, déi Dir wärend Ären Héichschoulstudie kréie kënnt.**

Si besteet aus verschiddene Bourssen an engem Studenteprêt. Eng Bourse ass ee Geldbetrag, deen Dir, wann Dir d'Konditiounen erfëllt, vum Lëtzebuerger Staat op Ären eegene Kont iwwerwise kritt an deen Dir net zeréckbezuele musst. De Studentepêt ass ee Geldbetrag, deen Dir, wann Dir d'Konditiounen erfëllt, vum Lëtzebuerger Staat accordéiert kritt, deen Dir musst bei enger Bank ufroen an no Äre Studien zeréckbezuelen.
D'Studiebäihëllef gëtt pro Semester accordéiert, an Dir musst se fir all Semester selwer ufroen.

## Wéini kann ech eng Studiebäihëllef kréien?

- Dir musst, ob Dir zu Lëtzebuerg oder am Ausland wunnt, verschidde Konditiounen erfëllen. Kuckt dofir op **www.mengstudien.lu** ënner FAQ.
- Äre Studiegang muss mat engem akademesch unerkannten Héichschouldiplom ofschléissen.

## Wéi eng Boursse ginn et?

- **Basisbourse :**
  déi kritt jiddereen, deen an engem unerkannte Studiegang ageschriwwen ass an deen déi allgemeng Konditiounen erfëllt;
- **Mobilitéitsbourse :**
  déi kréien all Studenten, déi déi allgemeng Konditiounen erfëllen, zousätzlech wa si an engem unerkannte Studiegang am Ausland ageschriwwe sinn a wa si do eng Wunneng loune mussen;
- **Familljebourse :**
  kritt ee wann ee Geschwëster huet, déi och op enger Uni oder Héichschoul ageschriwwe sinn an déi och déi allgemeng Konditioune fir d'Studiebäihëllef erfëllen;
- **Sozialbourse :**
  hänkt vun dem Akommes vum Stot, zu deem Dir gehéiert, of.

D'Aschreiwungskäschten, déi Dir op Ärer Uni oder Héichschoul bezuelt hutt an déi iwwert 100€ erausginn, kritt Dir bis zu engem Maximum vun 3.700€ pro akademescht Joer zeréckbezuelt, an dat hallef als Bourse an hallef als Prêt.

# A wat ass mam Prêt?

- All Semester kënnt Dir an Ärer Demande uginn, ob Dir de Studenteprêt fir dat Semester wëllt oder net.
- Jidder Student, deen déi allgemeng Konditiounen erfëllt, ka mindestens 3.250€ pro Semester kréien (kann duerch Är Aschreiwungskäschten an duerch d'Sozialbourse erhéicht ginn).
- De Studenteprêt ass vum Staat garantéiert mat engem maximalen Zënssaz vun 2%.
- Zwee Joer nom Enn vun Äre Studie musst Dir ufänken, Äre Studenteprêt zeréckzebezuelen an dat iwwert eng Dauer vu maximal 10 Joer.

# Wéi laang kann ech d'Studiebäihëllef kréien?

- Dir kënnt d'Studiebäihëllef wärend der offizieller Dauer vun Ärem Studiegang kréien.
- Dir hutt wärend Äre Studien zwee "Bonus"-Semesteren zegutt fir de Fall, wou Dir nom éischte Joer en anert Studium maache wëllt oder méi laang braucht fir fäerdeg ze ginn.

Dir musst **zwou Demanden** d'Joer maachen

**Fir d'Wantersemester : 01/08 – 30/11**
**Fir d'Summersemester : 01/01 – 30/04**



Wann Dir Iech eng Iddi wëllt maachen, wéi vill Dir pro Semester zegutt hätt, kuckt mam Simulateur op www.mengstudien.lu.

**Maacht Är Demande online via** Guichet.lu **, entweder mat oder ouni Luxtrust Produit.**

**Fir all weider Fro zu der staatlecher Studiebäihëllef kënnt Dir de Service Aides financières via aide-fi@mesr.etat.lu kontaktéieren.**

# Wou ginn ech wunnen?

De Lëtzebuerger Staat huet eng gewëssen Unzuel u Wunnengen a verschiddene Stied aus der Belsch, Frankräich an Däitschland. Dir fannt si all opgelëscht op www.mengstudien.lu ënnert de jeeweilegen Länner.

Wann Dir interesséiert sidd un esou enger Wunneng, musst Dir eng Ufro beim Héichschoulministère maache vum 15. Mee bis den 1. Juli. Wann Dir méi Informatioune braucht oder Froen hutt, kënnt Dir deen zoustännege Service kontaktéieren iwwer Mail (logement@mesr.etat.lu) oder iwwer Telefon (00352 247 85135).

Wann Dir awer eréischt gären an der grousser Vakanz op d'Sich no enger Wunneng wëllt goen, kënnt Dir Iech och un d'ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois, de gréisste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg, oder un déi eenzel Studentecerclen, déi sech a ville Stied befannen, wenden. Oft hu si Wunnengen, déi se gäre weiderginn, well si fäerdeg si mat studéieren.

# Aner Froen zum Studenteliewen

Ob et elo ëm d'Krankekeess geet, ëm Informatioun zu Stagen oder Studentenjobs oder ëm Spezifizitéite vun deene verschiddene Länner, vill Informatiounen fannt Dir op eiser Internetsäit www.mengstudien.lu.

Wann Dir méi Detailer zu der Krankekeess braucht, kënnt Dir Iech och un d'CNS – d'Gesondheetskeess oder de CCSS – Centre commun de la Sécurité sociale wenden.

Wann Dir Froen zu de Studien hutt oder zu deene verschiddene Stied hutt, kënnt Dir och d'ACEL oder déi eenzel Studentecerclë kontaktéieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

www.mesr.public.lu

ACEL
de Studentevertrieder

www.acel.lu

CNS
d'Gesondheetskeess

www.cns.lu

CCSS –
Centre commun
de la Sécurité
sociale

www.ccss.lu



# Ech wëll net studéiere goen – wéi eng Méiglechkeeten hunn ech?

# Ech weess nach net genau, wat ech wëll maachen

- ***Maison de l'Orientation :*** Hei kënnt Dir en Interessi-Test maachen an a villen Hisiichte berode ginn.
  Kuckt fir weider Informatiounen op: www.maison-orientation.lu
- ***beruffer.anelo.lu :*** Hei fannt Dir scho vill Informatiounen zu eenzelne Beruffer.
- ***Online-Tester :*** Wat passt zu mir ? Wat kann ech gutt ? Wat géif mech interesséieren ?
  Hei e puer Säiten, wou Dir en Online-Test kënnt maachen: https://studiengaenge.zeit.de/sit
  http://www.onisep.fr/Decouvrir-les-metiers/Des-metiers-selon-mes-gouts/Quiz-quels-metiers-pour-moi
- ***Diplom + :*** Während dëser Formatioun, déi zwee Semester dauert, kann een no der 1re verschidde Kompetenze weider entwéckelen. Kuckt fir weider Informatiounen op : www.diplomplus.lu

# Ech wëll eng Zäit aussetzen an e Gapyear, e Benevolat oder e Fräiwëllegendéngscht maachen

Vill Schüler profitéiere vun der Geleeënheet, fir méi eng länger Zäit fortzegoen. Dir wëllt vläicht ronderëm reesen, op verschiddene Plazen e Fräiwëllegendéngscht leeschten oder reesen a schaffen gläichzäiteg fir e klengt Akommes ze hunn – also *Work & Travel*.

Wann Dir net sécher sidd, wéi Dir Iech do musst uleeën, kënnt Dir Iech beim ***SNJ – Service national de la jeunesse*** oder bei der ***ANIJ – Agence Nationale pour l'Information des Jeunes*** ëmfroen.

www.snj.lu www.volontaires.lu www.workandtravel.lu www.jugendinfo.lu/benevolat/

# Ech wëll oder muss ee Stage maachen

- ***Firmen :*** Am beschte kontaktéiert Dir déi verschidde Firmen a kuckt mat hinnen, ob si Stagiairë géifen unhuelen an zu wéi enge Konditiounen.
  https://guichet.public.lu/fr/entreprises/ressources-humaines/contrat-convention/jeunes-actifs.html
  https://luxembourg.public.lu/fr/travailler-et-etudier/les-etudes-au-luxembourg/job-et-stage-etudiant.html
- ***Jobportaler :*** www.jobfinder.lu, www.jobs.lu, www.indeed.lu , etc ...

# Ech wëll direkt no menger $1^{re}$ schaffe goen

- ***ADEM – Agence pour le développement de l'emploi :*** Do kënnt Dir Iech aschreiwe goen an mat Hëllef vu Beroder déi eng oder aner Kandidatur schreiwen. **www.adem.lu**

- ***Fonction publique :*** Vill Informatiounen fannt Dir op der Internetsäit **www.govjobs.lu**. Wichteg ass awer ze wëssen, dass een net nëmmen direkt no der $1^{re}$ ka bei de Staat / op eng Gemeng schaffe goen, mee et ginn do och immens vill Méiglechkeeten fir Carrièrë mat Héichschouldiplom.



## *BEIM STAAT SCHAFFEN*

**Egal ob direkt nom Lycée oder eréischt no engem Héichschoulstudium – de Staat bitt Iech eng grouss Auswiel u Beruffer. Wann Dir Loscht hutt, eppes ze beweegen an Iech fir d'Zukunft vun der Gesellschaft anzesetzen, dann ass de Staat eng interessant Optioun fir Iech!**

Mat iwwer 20 Ministèren a méi wéi 120 Verwaltunge begéint eis de Staat – oder d'Fonction publique, wéi en och nach genannt gëtt – zu Lëtzebuerg iwwerall am Alldag a suergt fir de grondleeënde Fonctionnement vun eiser Gesellschaft. Deementspriechend vilfälteg sinn d'Gebidder, an deenen ee sech berufflech abrénge kann. Vun der Héichschoulbildung zur Fiskalitéit, vum Aménagement du Territoire zu der Gesondheet oder der Ëmwelt, et feelt net u Méiglechkeete fir am generellen Intérêt ze schaffen.

**Wéi kann ech da bei de Staat schaffe goen?**
**Muss ech do en Exame maachen?**

Et ginn zwou Méiglechkeete fir beim Staat ze schaffen, entweeder als Staatsbeamten oder als Staatsemployé. Een Ënnerscheed tëschent deenen zwee ass den Astellungsprozess.

Fir Iech op e Posten als **Staatsbeamten** (*Fonctionnaire*) mellen ze kënnen, musst Dir fir d'éischt de Staatsexamen (*épreuve d'aptitude générale*) maachen an natierlech och packen. Dee kënnt Dir direkt nom Lycée maachen oder no engem Studium. Wann Dir Iech umellt fir den Examen, da gëtt gekuckt, wat Äre leschte Schouldiplom ass. Sou gëtt zum Beispill een Examen organiséiert fir Leit, déi den Enseignement secondaire ofgeschloss hunn, een anere fir Leit mat engem Bachelor an nach een anere fir Leit, déi e Master hunn.

Umelle fir de Staatsexamen kënnt Dir Iech op GovJobs.lu.

**Gutt ze wëssen :**
Mam Staatsexamen an der Täsch kënnt Dir Iech och aschreiwe fir den Astellungsexamen am Gemengesecteur. Wann Dir dësen zweeten Examen dann och packt, kënnt Dir Iech zousätzlech op oppe Plaze bei de Gemengen hei am Land mellen.

GovJobs

Wann Dir dësen Entréesticket bis an der Täsch hutt, kënnt Dir Iech wärend 5 Joer op oppe Staatsbeamteplaze beim Staat mellen. Dës Plaze sinn och op GovJobs.lu ausgeschriwwen. Bei all Plaz, op déi Dir Iech mellt, kommt Dir dann nees an en Auswielverfaren.

Fir als **Staatsemployé** (*Employé de l'État*) beim Staat ze schaffen, musst Dir keen Exame maachen. Hei kënnt Dir Iech einfach op déi oppe Plaze mellen, déi Iech interesséieren an déi Ärem Schoulniveau entspriechen.

**D'Police, d'Arméi, d'Educatioun** an d'**Justiz** organiséiere reegelméisseg Opnamexamen, déi op hir Beruffer zougeschnidde sinn. Och fir de **CGDIS** an d'**Administration parlementaire** (also d'Verwaltung vun der *Chambre des Députés*) ginn et spezifesch Opnamexamen. Méi detailléiert Informatiounen heizou fannt Dir op GovJobs.lu.

**Wat fir eng Sprooche muss ech kënnen a muss ech net Lëtzebuerger si fir kënne beim Staat ze schaffen?**

Jiddereen, dee bei de Staat schaffe goe wëll, muss am Prinzip déi dräi administrativ Sprooche vum Land beherrschen : also Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch. Et muss een awer net onbedéngt Lëtzebuerger sinn. Et ass zwar richteg, datt fir gewësse Plazen déi Lëtzebuerger Nationalitéit gefrot gëtt. Awer et ginn och vill Plazen ausgeschriwwen, déi fir all d'Nationalitéiten aus der Europäescher Unioun zougänglech sinn.

**Kann ech beim Staat och e Stage maachen oder e Vakanzenjob kréien?**

Jo, Dir kënnt Iech bei de Ministèren a Verwaltunge melle fir e Stage ze maachen oder fir an de Schoulvakanze schaffen ze goen. Eng Lëscht mat all de Ministèren a Verwaltunge gëtt et op Gouvernement.lu a geschwënn och op GovJobs.lu. Mellt Iech einfach direkt bei hinnen!

**Wou fannen ech méi Informatiounen?**

GovJobs.lu proposéiert Iech op ee Bléck all nëtzlech Informatiounen zu de Beruffer an dem Rekrutement beim Staat.

Um Site kënnt Dir d'Job-Offere vun deene verschiddene Ministèren a Verwaltunge consultéieren. Dir kënnt Iech direkt op eng oppe Plaz mellen oder Iech per E-Mail informéiere loossen, wann nei Offeren an Ärem Beräich publizéiert ginn. Interessant Videoe ginn zudeem en éischten Abléck an d'Diversitéit vun de Beruffer beim Staat.

Op GovJobs.lu fannt Dir och weider Detailer iwwert déi verschidde Statuten a Carrièrë beim Staat.





# Hutt Dir nach Froen?

## Zéckt net a kontaktéiert eis.

De ***Service Information études supérieures*** ass vu méindes bis freides fir Iech do vun 07:45 bis 16:30 Auer iwwer Email (etudes@mesr.etat.lu) oder Telefon (00352 247 88650).

www.mesr.public.lu / www.mengstudien.lu

## Wëllt Dir gäre mat engem vun eiser Ekipp perséinlech schwätzen ?

Mir sinn ëmmer mëttes an der Woch vun 13:00 bis 17:00 Auer an der ***Maison de l’Orientation*** (29, rue Aldringen L-1118 Luxembourg).

# Quellen

Fir d'Realisatioun vun dëser Broschür si folgend Internetsäite besicht ginn :

- Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
  **https://men.public.lu**
- Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable / Administration de l'Environnement / Administration de la Nature et des Forêts
  **www.emwelt.lu**, **www.environnement.public.lu**
- Ministère de la Fonction publique
  **www.fonction-publique.public.lu**
- Ministère de la Fonction publique / Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État
  **www.govjobs.lu**
- Ministère de la Justice
  **www.mj.public.lu**
- Ministère de la Santé
  **www.sante.lu**
- Université du Luxembourg
  **www.uni.lu**
- ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois
  **www.acel.lu**
- Caisse nationale de santé - Gesondheetskeess (CNS)
  **www.cns.lu**
- Centre commun de la sécurité sociale
  **www.ccss.public.lu**
- Office national d'information sur les enseignements et les professions
  **www.onisep.fr**
- Stiftung für Hochschulzulassung und Bundesagentur für Arbeit
  **www.studienwahl.de**
- Bundesagentur für Arbeit (BA)
  **www.berufenet.arbeitsagentur.de**

- Service d'Information sur les Études et les Professions
  **www.siep.be**
- Centre suisse de services Formation professionnelle |
  orientation professionnelle, universitaire et de carrière (CSFO)
  **www.orientation.ch**
- Schweizerische Dienstleistungszentrum Berufsbildung | Berufs-,
  Studien- und Laufbahnberatung SDBB
  **www.berufsberatung.ch**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

www.mesr.public.lu

www.mengstudien.lu

Find us on: facebook

Édition 2021/2022